N°8027
Entrée le 24.05.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 24.05.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/05/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Héichschoul a Fuerschung & Wirtschaft weiderzeleeden.**

Mam Gesetz vum 2ten November 2021 ass eng EU-Direktiv ëmgesat ginn, iwwert d'Kontroll vun der Proportionalitéit beim Accès zu verschiddene Beruffer. Am Mäerz 2023 ass dann och d'Kommissioun, déi zoustänneg ass fir d'Kontroll vun der Proportionalitéit, per Arrêté ministeriel ernannt ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Sëtzungen hat d'Kommissioun bis ewell?
2. Op wéi enge Gesetzesprojeten oder Gesetzespropositioune ass bis elo geschafft ginn?
3. Wéini sinn déi nächst Reunioune virgesinn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten